Zeppi & Bob On Tour

# Spillpass



## Dat sinn ech:




NUMM:

VIRNUMM:

ADRESS:

GEBUERTSDATUM:

ALTER:

MENG SCHOUL:

MÄI LIBLINGSVERÄIN AN DER GEMENG HESPER:

DAT GEFÄLT MIR AN DER GEMENG HESPER:

zeppibob-ontour.lu

ZPB-HESPER-SPILLPASS-2025 <<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<
GA000000002UT29-06-2025 <<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<<

# Plang vum Park




- An der Gemeng Hesper
- Eis Gemeng Hesper
- Gemengewalen
- Hesper Gemengerot
- Fir iech do
- Lëtzebuerger Traditiounen 1+2
- Veräinsliewen
- D'Lëtzebuerger Land

# Moien

Dat hei ass de Spillpass mam Quiz vum Zeppi a Bob.
Op den nächste Säite stinn ënner anerem Froen iwwer deng Gemeng, mee och iwwer Lëtzebuerg, eis Traditiounen an de Grousherzog. D'Äntwerte fënns du op deenen aacht Panneauen, déi hannert der Gemeng am Park stinn. Do dernieft sinn an dengem Spillpass awer och nach aner kniwweleg Aufgaben, déi s du léise kanns.

## Esou funktionéiert et:

- Op der Säit 4 ass eng Kaart vum Hesper Park. Dorop gesäis du, wou d'Panneaue stinn.
- Fir unzefänken, muss du bei den éischte Panneau goen, deen „Eis Gemeng Hesper" heescht. Um Plang erkenns du e ganz gutt duerch säi Symbol .
- Lies déi éischt Froen an dengem Spillpass op de Säiten 8 bis 11 a sich d'Äntwerten um Panneau. Kräiz dann déi richteg Äntwert am Spillpass un.
- Opgepasst: Et gëtt ëmmer nëmmen eng richteg Äntwert.

- (A) Op der **Säit 26** schreifs du de Buschtaf, deen hannert der Äntwert, déi s du ugekräizt hues, steet.

- Wann s du all d'Froen am Spillpass mat Hëllef vun de Panneaue richteg beäntwert an déi respektiv Buschtawen op der Säit 26 agedroen hues, ergëtt sech e **Léisungswuert**.

1 2 3 4 5 6
7 8 9 10 11 12 13 14 15 16 17 18 19 20 21 22 23

Fir dass du och weess, op wat fir engem Panneau déi richteg Äntwert zu denger Fro ze fannen ass, ginn et zwou Hëllefen. Kuck dir dofir d'Säiten aus dengem Spillpass gutt un!

- D'Säiten hunn dräi verschidde Faarwen. Wann s du also eng Fro op enger bloer Säit aus dem Spillpass beäntwere wëlls, da muss du och op engem bloe Panneau sichen.

- Op all Säit fënns du uewen am Eck e Symbol. Wann s du eng Fro beäntwere wëlls, wou e Symbol vun engem Kranz ze gesinn ass, muss du och de Panneau sichen, op deem dat selwecht Symbol vum Kranz drop ass.

**Wann s du dat richtegt Léisungswuert an der Receptioun vun der Gemeng weis, da kriss du eng Belounung aus der Schatzkëscht.**

## Extra Tipp

Op all Panneau si QR-Coden. Wann s du déi mam Handy scanns, kriss du zousätzlech Informatiounen, déi dir hëllefen, d'Léisungswuert ze fannen.




Op der Internetsäit vum Hesper Themewee kanns du all d'Informatioune vun de Panneauen nach emol op verschiddene Sproochen noliesen.


Wëlls de nach méi iwwer d'Zeppi an de Bob gewuer ginn? Da géi op **www.zpb.lu/zeppi-bob/** an entdeck hir Brochuren a Videoen.

Eis Gemeng Hesper

## 1. Aus wéi vill Uertschafte besteet d'Gemeng Hesper?

**Zeechen** a **benenn** d'Uertschaften op döser Kaart vun Hesper!

| | | |
|---|---|---|
| ☐ | 3 | A |
| ☐ | 4 | Q |
| ☐ | 5 | H |
| ☐ | 6 | Y |



## 2. Säit wéini huet d'Hesper Gemeng en eegene Logo?


| | | |
|---|---|---|
| ☐ | 2000 | V |
| ☐ | 2002 | E |
| ☐ | 2020 | A |
| ☐ | 2022 | P |




## 3. Wat ass nieft der Buerg dat zweet Symbol um Hesper Wopen?

**Mol** den Hesper Wope mat de richtege Faarwen aus.

| | | |
|---|---|---|
| ☐ | Eng Lilie | S |
| ☐ | E Kräiz | K |
| ☐ | E Spuet | Q |
| ☐ | Eng Aaxt | X |





**Zeechen** an ergänz den Hesper Logo!

Eis Gemeng Hesper

## 4. Wéi heescht de Floss, deen duerch d'Gemeng Hesper fléisst?

- ☐ Uelzecht (P)
- ☐ Sauer (J)
- ☐ Musel (D)

**Mol de richtege Verlaf** vun dësem Floss duerch d'Gemeng Hesper faarweg.



## 5. Den Hesper Floss gëtt och an der Lëtzebuerger Nationalhymn genannt. Kräiz dee richtege Saz un.

- ☐ Wou d'Uelzecht duerch d'Wisen zéit (E)
- ☐ D'Uelzecht fléisst duerch déi schéin Hesper Gemeng (L)
- ☐ A frou liewen d'Fësch an eiser Uelzecht (K)
- ☐ D'Waasser aus der Uelzecht, dat mir brauchen, fir ze liewen (V)

## 6. Wéi heeschen eis Nopeschgemengen?


- ☐ Réiser, Lëtzebuerg, Conter, Sandweiler, Weiler (R)
- ☐ Conter, Bouneweg, Lëtzebuerg, Réiser (E)
- ☐ Réiser, Sandweiler, Cloche d'or, Weiler (H)





**Dro** d'Hesper Nopeschgemengen op der Kaart an.

### 7. Wéi vill Leit sinn am Hesper Gemengerot?

- ☐ 16 — A
- ☐ 17 — S
- ☐ 18 — L
- ☐ 19 — P





### 8. Wéi al muss ee sinn, fir selwer Kandidat bei de Walen ze sinn?


- ☐ 16 Joer — Q
- ☐ 18 Joer — C
- ☐ 21 Joer — T
- ☐ 25 Joer — B

### 9. Wéi oft gëtt en neie Gemengerot gewielt?

- ☐ All 4 Joer — Z
- ☐ All 5 Joer — I
- ☐ All 6 Joer — H
- ☐ All 7 Joer — O

### 10. Däerf de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch alles eleng entscheeden?

- ☐ Jo — A
- ☐ Nee — L



**Schreif** d'Nimm vum Buergermeeschter oder der Buergermeeschtesch an den dräi Schäffen op.

### 11. Wouru kann een de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch an d'Schäffe gutt erkennen?


- ☐ Um Kostüm — L
- ☐ Un de Bodyguards, déi bei hinne stinn — H
- ☐ Un der Schärp — A

Buergermeeschter/
Buergermeeschtesch: ____________________

1. Schäffen: ____________________

2. Schäffen: ____________________

3. Schäffen: ____________________






zeppibob-ontour.lu

zeppibob-ontour.lu

## 12. Wat kanns du op der Gemeng NET maachen?

- ☐ E Pass verlängeren — G
- ☐ Eng Baugeneemegung ufroen — A
- ☐ Deng Wunneng verkafen — S
- ☐ Eng Autorisation parentale ufroen — U

**Fëll och du däi Pass** op der Säit 3 aus.






## 13. Wat fir eng Kommissioun gëtt et NET an der Gemeng Hesper?


- ☐ Schoulkommissioun — Y
- ☐ Sportskommissioun — L
- ☐ Kulturkommissioun — H
- ☐ Déierekommissioun — S







## 14. Wat fir eng Traditioun fënnt ëmmer den 2. Februar statt?

- ☐ Buergbrennen — C
- ☐ Liichtmëssdag — G
- ☐ Hesper Fuesent — L





**Fierf d'Bild,** op deem déi richteg Traditioun duergestallt ass.

## 15. Wat ass de Sënn vum Buergbrennen?

- ☐ Et ass eng Erënnerung un d'Hesper Buerg, déi viru laanger Zäit ofgebrannt ass — B
- ☐ De Wanter gëtt verbrannt — E
- ☐ D'Chrëschtbeemercher vun den Hesper Awunner sollen op deem Dag verbrannt ginn — J
- ☐ Et ass eng wichteg Übung fir d'Hesper Pompjeeën — P

Lëtzebuerger Traditiounen 1+2

## 16. Wat sollen d'Leit de Kanner am Lidd „Léiwer Härgottsblieschen" ginn?

- [ ] Speck an Ierbessen (S)
- [ ] Speck a Kamellen (T)
- [ ] Schockela a Lutschen (U)
- [ ] Speck a Gromperen (B)

## 17. Op Bretzelsonndeg verschenkt een eng Bretzel. Mee wat ass eng Bretzel?

- [ ] E Rank (L)
- [ ] Eng Blumm (H)
- [ ] E Gebäck, e Kichelchen (P)
- [ ] E Kuss (N)

## 18. Wou gëtt déi gréisste Kiermes aus dem Land ofgehalen?


- [ ] Hesper (C)
- [ ] Esch (R)
- [ ] Iechternach (K)
- [ ] An der Stad Lëtzebuerg (E)


## 19. Wat gëtt Nationalfeierdag gefeiert?


- [ ] Dem Groussherzog säi Gebuertsdag (N)
- [ ] D'Gëlle Fra (B)
- [ ] D'Onofhängegkeet vum Lëtzebuerger Land (H)
- [ ] Den Ufank vum Summer (L)

## 20. Wéi heescht dat multikulturellt Fest, dat eemol am Joer zu Hesper organiséiert gëtt?


- [ ] Fest der Wiesen (A)
- [ ] Fête de l'amitié (S)
- [ ] Fest vun der Fräiheet (H)
- [ ] Kultursummer (Y)









## 21. Kräiz dee Sportsveräin un, deen et NET an der Gemeng gëtt.




Verschidde Veräiner hu ganz speziell Nimm.
**Verbann** all Numm mam richtege Veräin.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Telstar | • | • | Darts |
| Swift | • | • | Chorale |
| Jumpers | • | • | Vëlo |
| Snake | • | • | Futtball |
| Le Guidon | • | • | Chorale |
| Les Alouettes | • | • | Basket |
| Cantabile | • | • | Indiaca |





## 22. Wat fir eng Ausso iwwer de Groussherzog ass falsch?


- ☐ De Groussherzog gëtt all sechs Joer nei gewielt — E
- ☐ De Groussherzog ass de Staatschef — T
- ☐ Um Nationalfeierdag feiere mir dem Groussherzog säi Gebuertsdag — J
- ☐ De Groussherzog soll säi Land a seng Awunner beschützen — M


## 23. Wat fir e Saz ass ganz richteg?

- ☐ D'Parlament besteet aus 60 Männer a gëtt all fënnef Joer nei gewielt — A
- ☐ D'Parlament besteet aus 60 Fraen a gëtt all fënnef Joer nei gewielt — O
- ☐ D'Parlament besteet aus 60 Männer a Fraen a gëtt all fënnef Joer nei gewielt — R
- ☐ D'Parlament besteet aus 50 Fraen a Männer a gëtt all sechs Joer nei gewielt — Z

**Zeechen** deng Liblingsplaz an der Gemeng Hesper.

De Bob wëll sech op d'Gemeng umelle goen.
Hëllef him, an **zeechen** de Wee bis dohin.





**Sich** a fierf follgend Wierder am Buschtawegitter.

**Uelzecht - Gemengerot - Kommissioun - Buerg**
**Holleschbierg - Zeppi - Bob**


| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| H | J | K | P | A | D | W | E | T | H | M | F |
| O | R | E | W | J | N | E | S | K | Y | C | K |
| L | C | T | F | K | T | R | H | L | O | P | Q |
| L | G | S | C | O | G | Z | E | P | P | I | K |
| E | V | E | Q | M | B | R | S | N | V | G | Y |
| S | Q | X | G | M | X | I | P | L | U | M | D |
| C | D | S | A | I | U | G | E | M | E | N | G |
| H | T | R | F | S | A | J | R | G | L | N | E |
| B | O | B | Z | S | Q | R | Y | L | Z | B | Y |
| I | V | P | C | I | D | A | B | U | E | R | G |
| E | M | E | W | O | L | B | T | S | C | M | C |
| R | B | T | N | U | R | X | L | Y | H | R | N |
| G | E | M | E | N | G | E | R | O | T | M | C |



zeppibob-ontour.lu



**Molen no Zuelen:** Verbann d'Zuelen der Rei no mateneen an entdeck déi flott Zeechnung!



Kuck dir d'Gemengenhaus, d'Zeppi an de Bob op dësen zwee Biller gutt un a fann déi **zéng Feeler.**





# Léisungswuert

1 2 3 4 5 6

7 8 9 10 11 12 13 14 15 16 17 18 19 20 21 22 23



ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

Gemeng Hesper

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir
politesch Bildung

Gemeng
Hesper

Design by marcwilmesdesign.lu